la pêche au Jambonneau

Eemol am Joër dann ass et ëmmer esouwäit, dann mussen mir et hun, dann steet den kulinareschen Héichpunkt vum Joër un an do kennen mir kéng Gnod, dann fueren mir an déi belsch Ardennen an verdrëcken éng Schwéngshéiss déi mat énger béarneaise Zoss zerwéiert gët an net genuch domader, née et gët och nach Fritten en masse, Häerz wat begiirs de méih.

Natirlech haten ganz vill Memberen sech dat net entgoën geloos an esou sin mir zu énger 22 ungetrueden fir eis déier Erausfuederung ze stellen. Dëst Joër woren awer och erëm nei Memberen mat dobäi déi fir d´éischt eemol hun missen beweisen op Sie dëser Erausfuerderung gewues wären an soën mir et direckt, Sie hun sech Alleguer daper geschloën.

Hat den Wislaw an séng Madame nach ee bëssen Ënnerstetzung gebraucht, hun sech déi zwee Patrickën awer net laang fléiwen geloos an wat soll ech soën, Respekt, Respekt, déi Schanken woren herno ewei geleckt do wor keen Flesch méih iwwreg. Och den Luss huet sech net laang mat gepídels opgehalen an huet herzhaft zougelaangt mée den Bock huet awer den René ofgeschoss, Hien huet ee bëssen, awer nëmmen ganz ee bëssen iwwerdriwwen.

Ah jo, gefëscht hun mir awer och ewell esou een Jambonneau muss een sech jo mol fir d´éischt verdéngen an esou sin mir dann Moies bei beschtem Hierschtwieder ungetrueden fir eis den kulinareschen Héichpunkt ze erschaffen. Moies wor et zwar nach frësch an et huet een kaalen Wand geblosen mée am Laaf vum Dag ass et awer ëmmer besser gin an Nomëttes wor zeguer d´Sonn lusen komm. Ewei mir am Gaangen woren eis Staangen opzeriichten hun mir schon den Änder gesin deen dobäi wor een Fësch nohm anneren ze fänken. Mir hun dun och direckt lasgeluecht an et huet net laang gedauert an dun woussten mir dass och dëst Joër d´Fësch sech net géifen vum selwen fänken. Mir hun dun awer Jidereen am Laaf vum Dag eis Fësch gefaangen an déi éng oder anner Moule wor och dobäi.

Mir woren éng gudd Équipe an d´Stëmmung hät net kéinten besser sin. Et erstaunt all Joërs erëm op een Neist dass esouvill Memberen mat an d´Ardennen fueren ewell op dëser Plaz d´Fëschen unsech ganz speziell ass, hun mir dach nach Nie besonnesch vill Fësch hei gefaangen. Dëst ënnersträicht awer ëmsou méih d´Philosophie vun eisem Fëscherclub ewou et an der Haaptsaach ëm d´Komerodschaft geet an ewou een gudd Jessen an een gemitlechen Patt mindestens grad esou wichteg sin ewei d´Fëschen unsech. Frouh sin mir och dass mir an eisen Reihen verschidden ganz jonk Memberen zielen däerfen déi hoffentlech grad esouvill gefaalen drun fannen wäerten spéiderhin eisen Club an Éieren ze halen ewei mir selwer. Et wor objidverfall erëm flott ze gesin eweivill Ansatz eis Memberen un den Dag geluecht hun an all Eenzelen wor sichtlech beméiht mat sénger gudder Laun dozou bäizedroën dass mir konnten een flotten Dag an schéinster Natur vun

den Ardennen verbréngen, Esou wor et dann och ganz einfach vill schéin Motiver fir d´Fotoën ze fannen déi eis dësen flotten Dag an Erënnerung halen sollen. Et schwätzt och fir sech dass verschidden Memberen déi leider net mat fëschen konnten, trotzdeem déi wäit Unrees net gescheiht hun fir ënnert den Kollegen ze sin an esou huet sech déi geloosen Stëmmung, déi schon um Virdag bei den Bannkuren zu Rollëng op den Fëschweiheren hiren Ursprong hat, iwwert den ganzen Dag verdeelt weidergefouert.

Ewei mir dun Owes déck zefridden d'Heemrees ungetrueden hun dun wor den Kleeschen schon am Gaangen ze baacken an dofir hun mir eis dun och direckt bei Him een grad esou schéinen Ofschloss zu Sommedieue am Dezember gewënscht, dat ass déi leschten Destinatioun déi mir an dësem Joër unsteieren mée den Programm vum nächsten Joër steet schon an mir sin sécher dass Dësen net manner attraktiv gët ewei deen vun dësem Joër, ewou mir eis dach méih gin hun et dat nächsten Joër nach ee bëssen besser ze maachen an dofir esou munesch Jwweraschung angebaut hun.